

## Privatsheriffer an de Stater Quartieren – en absolutten NO-GO!

D'ass iwwert eng Noriicht vun RTL, wou mir als Gemengerotsmemberen informéiert goufen, dass de Stater Schäfferot am Dezember an am Januar Leit vun enger privater Sécherheetsfirma am Garer Quartier an och an der Uewerstad wëll patrulléiere loessen. Mir wëssen, dass den Drogenhandel op der Strooss e grousse Problem duerstellt, mee mat öffentleche Suen eng Privatpolice bezuelen an am öffentleche Raum optriede loessen, ass fir eis en absolute NO-GO.

Wéi d'Madame Buergermeeschter et esou oft betount, liewe mer an engem Rechtsstaat an do huet de Staat de Gewaltmonopol. An anere Wieder : privat Sheriffer hunn näischt op eise Stroosse verluer an iwwerhaapt kee Recht, Policegewalt auszeüben ! Wann de Schäfferot dorop äntwert, et géing just drëm goen, ze beobachten, d'Sécherheetsgefill vun de Leit ze stäerken an am Noutfall d'Police ze ruffen, soe mir, dass d'Linn tëscht passiver an aktiver Interventioun ganz schmuel ass an dass responsabel Politiker et net däerfen drop ukomme loessen, dass déi Linn iwwerschratt gëtt. Si spille mam Feier a sollten sech bewosst sinn, dass se, wann eppes geschitt ass, net kënnen erklären, si hätten dat net gewollt.

Engersäits si privat Sécherheetsagente fir d'Iwwerwaachung vum öffentleche Raum weder befugt nach forméiert an dat bréngt de Risiko mat sech, dass se hiert eegent Liewen an dat vun anere Leit op d'Spill setzen. déi Lénk Stad huet extrem staark Zweiwelen, wat d'Legalitéit, an esouguer d'Constitutionnalitéit vun der geplanter Mesure ugeet, déi eng gerichtlech Annulatioun riskéiert. Anerersäits bedeit d'Privatiséirung am Beräich Sécherheet fir d'Police eng Schwächung an e Kompetenzfbau, déi der Sécherheet vun de Leit schuede wäert. Mir hunn et hei mat enger Émleedung vun öffentleche Gelder ze dinn, déi der Präventioun an der Police verluer ginn.

Dass dee grénge Minister Henri Kox vun der Bannesécherheet d'Virgoe vum Stater Schäfferot iwwert e Communiqué och nach schéngt ze approuvéieren, schléit dem Faass de Buedem aus.

Mir si schockéiert, dass de Schäfferot esou eppes decidéiert huet, ouni och nämmen e Piipcheswuert am Gemengerot doriwwer ze verléieren. Domat weist en, wéi wéineg deen him wäert ass a wéi wéineg him um Anhale vun demokratesche Reegele läit.

Mir fuerderen de Schäfferot op, déi total déplacéiert an iwwerspaante Moosnam zeréck ze zéien an de Wee vun der Rechtsstaatlichkeit net ze verloossen.

Ana Correia Da Veiga a Guy Foetz  
Conseillers déi Lénk am Stater Gemengerot



## **Des sheriffs privés dans les quartiers de la Capitale**

### **- le collège échevinal franchit la ligne rouge**

C'est par une nouvelle de RTL que nous, conseillers communaux de la Ville de Luxembourg, avons été informés de la décision du collège échevinal qu'en décembre et janvier, des sociétés de gardiennage privées patrouilleront dans le quartier Gare et la Ville Haute.

Nous sommes parfaitement conscients que le trafic de drogue constitue un vrai problème, mais utiliser de l'argent public pour confier à une entreprise privée la surveillance générale de l'espace public est pour nous une ligne rouge infranchissable.

Comme le répète si souvent Madame le Bourgmestre, nous vivons dans un État de droit, dans lequel l'État a le monopole de la force. En d'autres termes : des sheriffs privés n'ont rien à faire dans nos rues et ont encore moins le droit d'exercer les missions de la police !

Le collège échevinal va sans doute répondre qu'il s'agit surtout d'observer, de renforcer le sentiment de sécurité des habitants et d'appeler la police en cas d'urgence. Nous leur disons que la limite est très mince entre surveillance passive et intervention active et que des responsables politiques n'ont pas le droit de prendre le risque que cette limite soit franchie. Le collège échevinal joue avec le feu et doit être bien conscient qu'il ne pourra pas expliquer le moment venu qu'il ne le savait pas.

Nous voudrions souligner d'une part que des agents de sécurité privés ne sont ni habilités, ni formés pour procéder à la surveillance générale de l'espace public et que cela implique le risque qu'ils mettent en jeu leur propre vie et celle d'autres personnes. déi Lénk Stad émet de sérieux doutes quand à légalité, voire à la constitutionnalité de la mesure projetée, qui risque l'annulation par le juge.

D'autre part, la privatisation dans le domaine de la sécurité implique une fragilisation et une atteinte aux compétences de la police et nuit à la sécurité des personnes. Des fonds publics sont dirigés vers des sociétés privées et ainsi soutirés aux activités de prévention et de police.

Et comble de la situation : Monsieur Henri Kox, ministre déi Gréng de la Sécurité intérieure, semble, à en croire son communiqué, approuver cette mesure.

Nous sommes choqués que le collège échevinal ait pris cette grave décision sans même l'évoquer au conseil communal. Cela montre son manque d'estime pour celui-ci et le peu d'attachement au respect des règles démocratiques.

Nous demandons expressément au conseil échevinal de revenir sur cette mesure complètement déplacée et outrancière et de continuer de s'inscrire dans l'État de droit.

Ana Correia Da Veiga a Guy Foetz  
Conseillers communaux déi Lénk à Luxembourg-Ville